ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Februar 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dëss parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister an den Här Minister fir Infrastrukture weiderzeleeden.

An der Press war an engem Artikel iwwer eng parlamentaresch Fro ze liesen, datt d'Ubanne vum Findel un den Tramsréseau nach eemol 3,5 Hektar Bësch soll kaschten. An deem Zesummenhang hätt ech dës Froen:

1. Wou genee sollen déi 3,5 Hektar Bësch, déi d'Tram-Deelstreck tëschent dem Kierchbierg an dem Findel kascht, nei ugeplanzt ginn? Gehéieren d'Terrainen, op deenen déi Kompensatiounsmoossname solle geholl ginn, dem Staat? Wann net, wëll de Staat déi kafen?
2. Sinn d'Ministeren der Meenung, datt eng kënschtlech Plantatioun de Verloscht vun engem natierlech gewuessene Bësch matten an engem Ökosystem wéi dem Gréngewald kann ersetzen?
3. Wat sinn d'Erfahrunge mat Kompenséierungs- an Ëmplanzungsmoossnamen a wat ass de Risiko? Ass et z.B. wouer, wéi et am Abléck vu verschiddene Säite behaapt gëtt, datt vun deene Beem, déi laanscht d'Scheffer-Allée um Lampertsbierg ewechgeholl goufe fir dem Tram Plaz ze maachen, der vill scho futti gaange sinn? Wou genee sinn dës Beem aus der Scheffer-Allée nees ugeplanzt ginn a kann ee sech do op der Plaz vum aktuellen Zoustand vun deene Beem e Bild maachen?
4. Zum Gesamtprojet Tram: wéivill Hektar Bësch mussen am Ganze fir den Tram, den Tramsschapp, d'Streckeféierung an déi annex Aarbechten, z.B. fir déi geplangte Park-and-Ride-Parkplaze weechen? Wéivill Hektar dovu gehéieren zu deem zesummenhänkenden, natierlech gewuessene Bëschsystem Gréngewald?

5. Wéivill Hektar sollen duerch Kompensatiounsmoossnamen nei ugeplanzt ginn? Wéi ass deen aktuelle Stand vun de Kompensatiounsmoossnamen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten